



SEXUELL GEWALT
ouni meck!



Intr ducti un

Sexuell Verstéiss géintiwwer vu Kanner a Jugendlechen, ginn eis all eppes un. Besonnesch d'Verhënnere vu Strofdoten ass eng Aufgab fir déi ganz Gesellschaft. Rotschléi, wéi ee sech géint Sittlechkeetsverbrieche schütze kann, sinn am Detail awer ganz problematesch. Et gëtt keng allgemeng Regeln ! All Situatioun ass anescht an all Affer kann ëmmer nëmmen no senge Méiglechkeeten handeln. Wat fir deen een an enger bestëmmter Situatioun richteg an efficace ass, ka fir een aneren, a bal der selwechter Situatioun, falsch a geféierlech sinn. Net jidderee behält d'Nerven an den Iwwerbléck, déi em et erlaben a sou engem Fall ugepasst ze reagéieren. Et gëtt keng Patentrezepter. Leider ass et sou, datt all Affer versiche muss d'Situatioun richteg anzeschätzen, fir dann dat Richtegt ze maachen. Wann haart Jäizen als eenzeg Méiglechkeet bleift fir gehollef ze kréien, kann dat awer och d'Ursach si fir eng lescht kriminell Affekthandlung.


Wéi gesot, et gëtt keng allgemeng Regeln a keng Patentrezepter. An awer kann ee viles verhënneren, virausgesat et ass een net ganz onvireet. Dozou soll dës Broschür, um Beispill vun 11 verschiddene Verbriecherstrategien, bäidroen.

Well an de meeschte Fäll Fraen, Meedercher a Kanner d'Affer gi vu männlechen Täter, ginn déi 11 Beispiller am Prinzip vun där Perspektiv aus duergestallt, wat och d'Liese vum Text méi einfach mécht. Dobäi ass awer net ze vergiessen, datt déi meescht vun deene beschriwwenen Iwwergrëffer och vun enger weiblecher Persoun ausgoe kënnen, an datt d'Affer, an alle Fäll, souwuel männlech wéi weiblech ka sinn.

SEXUELL GEWALT

ouni mech!

Introduction	1
De verbal-eroteschen Uruffer	4-5
De sexuellen Harceleur am Chat	6-7
Den Handybeschmotzer	8-9
De Verbalpéngecher, de Fummler a Grappscher	10-11
Den Exhibitionist	12-13
De Voyeur	14-15
Den Tramperschocker	16-17
De Stalker	18-19
Den „Narkotisierer“	20-21
Den Iwwerfalldelinquent	22-23
Deen, deen d’Famill mëssbraucht	24-25
D’Wichtigkeet vum éischte polizeilichen Ugrëff	26-27
Wou kréien ech Hëllef?	28-29
Déi gesetzlech Lag	30-31
Reflektiounen vum regionale Polizeidirekter aus Dikrech	32-33
Iwwerleeungen vum Präventiounsbeamten aus Dikrech	34-35
Literatur	36



De verbal-eroteschen Uruffter

Engem, dee Kanner a Fraen, anonym a vu wäit wech, iwwer den Telefon belästegt, geet et do-drëm, säin Ego ze stäerken: duerch sexuell Allusiounen, verbal Erniddregungen oder sexistesch Diskriminéierung. Doduerch blesséiert hie bewusst déi feminin Intimsphère.

Seng Strategie besteet dodran, säin Affer anzeschüchteren. Hie wëllt sech an der Roll vum Ënnerdrécker erliewen.

Säin Affer soll Angscht hunn, sech menacéiert a kontrolléiert fillen, ouni Méiglechkeet sech ze wieren. Doranner fënnt hie sexuell Satisfactioun.

Anerer probéiere souguer d'Vetraue vun de Fraen ze gewannen, andeems se sech bspw. als Kontrolldokter vun der Krankekeess ausginn, a sou hir Affer dozou brénge sech selwer ze betaaschten. D'Vennennen an d'Aschüchtere kënnen och dozou gehéieren.

Hänk an !

Hänk bei sou engem Uruff direkt an. Looss dech op kee Fall op ee Gespréich an.


Bei ëmmer neien Uriff kann eng Trillerpäif ganz wierksam sinn. Iwwerrasch den Täter a blos fest an d'Päif. Du trëffs en op enger sensibler Plaz an du weis him, dass du dech wiere kanns.

Beim geréngsten Zweifel, wat d'Identitéit vum Uruffer ugeet (Beispill Kontrolldokter), fro ëmmer nom Numm, der Telefonsnummer an der Adress. Hänk an a ruff nëmmen zréck wann s de dech am Telefonsbuch oder beim Telefonsopérateur iwwer d'Identitéit vum Uruffer ofgeséichert hues.

Een efficacéit Mëttel ass een automatesche Repondeur. Doduerch feelt dem Täter den Iwwerraschungsmoment an hien ass sech bewusst, dass seng Stëmm opgeholl gëtt. Déi mannst anonym Uruffer riskéieren et, dass hir Obszönitéiten enregistriert ginn.

Wann déi sexuell Uspillungen oder Belästegungen net ophalen, da fro eng Geheimnummer un, déi s de nëmmen dem enkste Persounekreess matdeels.

De Stand vun der Technologie erlaabt et haut meeschtens, d'Identitéit vum Uruffer feststellen duerch eng Fangschaltung oder d'Zréckverfolge vum Uruff.



De sexuellen Harceleur am Chat

Den Internet bitt, niewent de ville Méiglecheete mateneen ze kommunizéieren, leider och e puer Geforen iwver déi sech d’Kanner an déi Jugendlech am Klore sollte sinn.

Well d’Benotzer vum Internet ëmmer méi jonk an ëmmer méi lichtsënneg ginn, si si sech net bewosst, datt si sech am Chat oder Dialog (ICQ, Messenger, asw.) dacks an enger irrealer Welt beweegen. Duerfir mierke si net, wéi geféierlech hiert “Spill” ka ginn.

Besounesch blessant kënne sexistesch an humiliant verbal Attacke sinn. Typesch sinn och Froen iwver sexuell Experienzen, Pratiken a Wonschvirstellungen.

Déi gréisst Problematik am Beräich Jugendschutz besteet awer a sexuellen Iwwergrëffer, déi bis zum sexuelle Mëssbrauch kënne goen. D’Virbereedung duerfir geet dacks am Chat un.

Sief mësstrauesch!

Internet-Bekannschafte sinn net ëmmer déi, fir déi se sech ausginn.

So duerfir ni däin Numm, deng Adress, deng Handysnummer oder deng E-Mailadress, a setz keng aner perséinlech Donnéeën iwwer dech an den Internet. Iwwerlee dir, am Géigendeel, ee flotten an originelle Spätznumm.

Iwwerlee dir och gutt, ob s de wierklech solls Fotoe vun dir an den Internet stellen:

Eemol am Netz, hues de net méi déi geréngste Kontroll doriwwer.

Denk drun, datt alles wat s du am Chat schreifts, vun allen anere matgelies ka ginn.

Looss dech net aus dem Internet menacéieren oder zu Saache verleeden, dee s du am normale Liewen ni géifs maachen.

Schwätz mat enger Vertrauenspersoun, wann s de dech an enger Netz-Situatioun schlecht gefillt hues.

Pédokriminell Täter hale sech net nëmme mat Gläichgesënnten am Internet op. Si sichen och den direkte Kontakt mat Kanner a Jugendlechen a probéieren hiert Vertrauen ze gewannen an ee reelle Rendez-vous ze arrangéieren. Dobäi kann et zu sexuellen Iwwergrëffer kommen.

Duerfir den dréngende Rot :

Trau kengem Friemen!

Géi ni eleng op ee Rendez-vous.

So dengen Elteren ëmmer virdru Bescheed.

Looss dech ëmmer begleeden (vum grousser Brudder, der grousser Schwëster oder den Elteren)

Kuck der deng Kontaktpersoun fir d'ëischt vu Wäitem un, ouni dech z'erkennen ze ginn.

Géi nëmme am hellen Dag a wuel eng ëffentlech a beliefte Plaz fir de Rendez-vous.

Géi op keng Verspriecheungen an.

Klamm ënner kengen Ëmstänn bei een an den Auto.

Den Handybeschmutzer

An de Schoulhäff verbreedde sech ëmmer méi Videoe mat brutalen a pornografeschen Inhalter, déi Kanner a Jugendlech op hiren Handye gespäichert hunn. Dës Inhalter, deenen hir Verbreedung an der Regel strafbar ass, ginn aus dem Internet op de Computer erofgelueden, op den Handy iwwerdroen an da vun Handy op Handy weider verschéckt.

Et ass lo och souguer méiglech d'Videoen direkt op den Handy ze lueden. Modern Handye mat Kamerafunctioun maachen d'Verschécke vu Videoen haut ganz einfach. Et ass scho virkomm, datt Erwuessener Biller vun hirem erigéierte Geschlecht u Kanner oder Jugendlecher verschéckt hunn.

Souguer ass et passéiert, datt Mannerjähreger opgefuerdert goufen, sech plakeg mat der Handykamera ze fotograféieren an déi Biller virun ze verschécken.

Pornografesch a sexuell Inhalter belaaschten an de meeschte Fäll déi normal Entwécklung vu Kanner a Jugendlechen. Besonnesch schlëmm ass et, wann eng Persoun ouni hiert Wësse gefilmt gouf an déi Filmer dann iwwerall verbreet ginn. Problematesch Videoen um Handy dëngen de Kanner an Teenager haaptsächlech als Ënnerhaltung, drécken awer och hire Wonsch no Sensatiounen a sozialer Unerkennung aus.

Respektéier deen Aneren !

Verschéck nëmmen Noriichten, sou wéi s du se och selwer nëmme wëlls kréien.

Maach nëmme Fotoen a Filmer, déi aner och vun dir maachen däerfen.

Respektéier d'Privatsphär vun deenen Aneren.

Luet nëmme legaalt Material vum Internet erof.

Reagéier direkt!

Kriss du eng Kéier pornografesch a sexuell Inhalter geschéckt:

Versich den Uruffer z'identifizéieren.


Enregistréier d'SMS oder d'MMS mat Datum an Auerszäit als Beweis (net läschen).

Kontaktéier deng Elteren, däi Schoulmeeschter oder Proff an eventuell d'Police, wann s du duerch onzoulässeg Inhalter belästegt gëss.

Désaktivéier d'wireless Interface a pass drop op, datt de Bluetooth grondsätzlech ausgeschalt ass, wann s du en net braucht. Well déi duerfir néideg Schrëtt je no Produzent variéieren, kuck am Benotzerbuch no oder op der respektiver Websäit vun der Firma.

Informéier dech iwwer déi zousätzlech Gefore vun Handyen.

De Verbalpéngecher, de Fummler a Grappscher



Sexuell Uspillungen, verbal Affronten oder sexistesch Diskriminéierung gi gebraucht fir Meedercher oder Fraen ze iergeren oder ze erniddregen.

De Fummler an de Grappscher dergéint setzen de Frae meeschtendeels duerch eendeiteg Gesten oder Beréierungen zou.

Si kënnen einfach d’Fanger net bei sech halen, d’Betatsche vu Meedercher a Fraen ass fir si eng Form vun erotesch-sexuellem Kontakt. Et handelt sech heibäi ëm eng handfest sexuell Belästigung, déi bal ëmmer heemlech geschitt fir datt keen aneren et gesäit.



Behal d’Kontroll!

Ignoréier dës blöd Spréch. Et gëtt souvill Dommes verzielt. Du muss net op alles äntwerten. Benotz deng Kierpersprooch fir deem aneren ze verstoen ze ginn, datt säi Gebraddels dech net intresséiert.


Bei permanenter Belästegung, stell kloer, dass du keen Intressi un engem Gespréich oder aner Kontakter hues. Einfach Ignoréiere geet a sou engem Fall meeschtens net méi duer.

D’Hänn wech!

Wann s du awer betatscht gëss, reagéier direkt a setz eendäiteg Grenzen. Maach d’Verhale vum Mann ëffentlech. Schwätz ganz haart, fir datt méiglechst vill Passanten oder Leit ronderëm et héieren. « Haalt direkt op domat ! » Domat signaliséierst du Stärkt a weis dem Mann net nëmme seng Grenzen, mee du erreegs Opmierksamkeet a stells den Ugräifer blouss.

Beschwéier dech beim Patron vum Lokal, beim Garçon oder der Serveuse, beim Opsichtspersonal, dem Buschaffeur oder dem Schaffner. So hinnen, si missten duerfir suergen, dass du a Rou gelooss gëss.

Den Exhibitionist



Eng exhibitionistesche Handlung kënnt fir d'Affer ëmmer ganz iwwerraschend. Doduerch, datt de Friemen enger Fra oder engem Meedche ouni Virwarnung säi Penis weist, gëtt e sexuell befriddegt. Schonn doduerch, datt e sech op seng Dot virbereet, gëtt en erreegt; an dat hält nach zou je nodeems sech d'Affer verhält.

D'Affer erlieft dausend Ängschten, well et net wësse kann, ob et dobäi bleift oder ob et just den Ufank ass vun engem éischte sexuellen Ugrëff.

Exhibitioniste sinn awer nëmmen a ganz rare Fäll Gewaltverbrecher. Kriminell Energie ass bei hinne bal ni feststellen. Si wëllen dem Affer net physisch schueden, mee et "just" vu Wäitem benotzen, fir hire sexuellen Driff ze befriddegen. Dobäi kënnt et dacks zu Masturbatioun an Ejakulatioun.




So Bescheed!

Huel vun engem Exhibitionist keng Notiz.

Ignoréier en einfach a géi virun. Verlooss den Uert sou séier wéi méiglech.

So awer der Police direkt Bescheed (113). Et geet dorëm fir Schied u weideren Affer ze verhënneren. Exhibitionismus ass ee Verstouss géint d'sexuell Selbstbestëmmung an domadder ee strafbaart Verhalen.



De Voyeur

Ee Voyeur, op däitsch Spanner, ass ee Mënsch, dee mat Virleeft jonke Fraen, awer och Bouwen, bei Aktivitéiten nokuckt, bei deene se näischt oder net vill un hunn (FKK, Kierperhygiène, asw.) oder aner Leit beim sexuellen Akt observéiert, fir sech dorunner ze befriedegen.

Bei dëser Form vun deplacéiertem sexuelle Verhale kënn et fir d'ëischt net zu engem direkte Kontakt. Et ass awer net auszeschléissen, datt dee Kontakt spéider gesicht gëtt.

De Voyeur ass net den harmlosen, wann och gelungene Mënsch, dee just stëll nokuckt an iwwer deem säi sexuelle Virwëtz just ameséiert gelaacht gëtt. Et kënn ëmmer rëm vir, datt Leit vun där spezieller Zort a geparkten Autoen eralichten oder souguer d'Diren oprappe fir sech d'Saach méi genee unzekucken.

De Beräich, an deem sech de Voyeur ronderëm dreift, kann och privat Wunnenge mat abegräifen. No enger bestëmmter Phase, an där en d'Affer just iwwerwaacht, kann et virkommen, datt e wéi ee Geescht an d'Schlofzëmmer eraschläicht an dobäi ëmmer méi stimuléiert gëtt. Eng Violatioun vu sengem Affer ass an deem Stadium op kee Fall méi auszeschléissen.



Hei net!

Op öffentlech zougängleche Plazen oder an Autoen bass du am beschten normal ugedoen, a si sinn op jidde Fall net den Uert fir sexuell Aktivitéiten.

Maach de Voyeuren et sou schwéier wéi méiglech !

Looss an der Nuecht keng Fënster a keng Dier opstoen, besonnesch wann s d'um Parterre wunnst.

Offréier keng Méiglechkeet, datt een heemlech ka rakucken oder raklammen.

Ee Voyeur steet net gär am Liicht. Suerg fir genuch hell Luuchten.

Pass op Friemer op, och bei dengem Noper.

Wann der ee Verhale komesch virkënnt, informéier direkt d'Police.

Notéier der d'Nummerschëld vum Auto a mierk der wéi déi suspekt Persoun ausgesinn huet.



Den Tramperschocker

D'Matfueren an engem friemen Auto ass net ëmmer ongeféierlech. Duerfir soll ee generell keen Auto-stopp maachen.

Wann awer dach, da probéier éischter bei enger Fra matzefueren.

D'Gefor dobäi Affer vun engem sexuellen Iwwergrëff ze ginn, ass an deem Fall effectiv kleng.

Der Police si bal keng sou eng Fäll bekannt. Wann s du awer als Bäifuererin befummelt gëss, hues du, am Géigesaz zum Chauffeur, zwou Hänn fir dech ze wieren.

Pass op!

Wann iwwerhaupt Autostopp, dann ni eleng, mee méiglechst zu zwee.

Klamm ni bei méi friem Männer an en Auto.

Klëmms du awer an ee friemen Auto, da mierk der virdrun d'Autosnummer (a schreif der se wa méiglech op) fir se eventuell der Police direkt kënne matzedeele.

Kuck der u wéi d'Dier, d'Fënster an de Gurt funktionnéieren, fir am Noutfall direkt aus dem Auto ze kommen.

Pass iwwer dem Fueren op a kuck ob déi richtig Streck agehale gött.

Ass dëst net de Fall oder gött de Chauffeur opdringlech, da bestéi drop, datt hien direkt stoe bleift an dech raus léisst.

Klappt dat net, da probéier heemlech (an denger Posch) den 113 ze wielen a schwätz haart mam Chauffeur iwwer déi Plaz wou der grad sidd oder wouhinner e fiert.

Ass dat alles schifgaang, da maach d'Fënster op a werf alles raus wat s du an d'Fanger kriss (och d'Saachen aus dem Händschefach). Doduerch erféiert sech de Chauffeur an d'Leit dobaussen oder an aneren Autoe ginn op dech opmierksam.

Reagéier séier, konsequent a mat Zäit. Op Feldweeër oder rouege Landstroosse kéint et duerfir schonn ze spéit sinn.

De Stalker



Hei handelt et sech ëm ee bewosst, béiswëllegt a widderhuelte Verfollegen a Belästege vun enger anerer Persoun, déi sech doduerch net méi sécher ka fillen. D'Zil vum Stalker ass kloer: Muecht a Kontroll iwwer säin Affer kréien. Dëse Prozess ass hannerwenneg: Wat dëischt harmlos unzufänke schéngt, gëtt lues a lues, doduerch, datt d'Affer stänneg verfollegt a mat Frechheete verbal attackéiert gëtt, ëmmer méi penibel. Um Enn ass et just nach Terror.

Stalker si virun allem Persounen, déi gedriwwe ginn duerch hiert Verlaange no Léift an emotionalem Profit, déi eventuell eemol mat hirem Affer intim waren oder intim wollte ginn, déi awer, spéider oder direkt, zréck gewisse goufen.

Onerwünscht SMSen, mat obszönen oder aggressive Matdeelungen, Verschécke vun hon-

nerten E-Mailen an deene se hir Léift ausernee leeën, Hannerloosse vun Noriichten um Repondeur, bësseg Texter an Internet-Forumen oder engem Gaaschtbuch, dëst sinn nëmmen e puer vum Stalker sengen Ëmganksformen. Zu senger Demoraliséierungs-Strategie gehéiert och: d'Hannerloosse vun Noriichten an der Bréifkëscht oder um Auto vum Affer, heefeg Präsenz am direkten Ëmfeld vun der Schoul, der Aarbechtsplaz oder der Wunneng vum Affer, asw.

Beim Stalker besteet och ëmmer d'Gefor vu kierperlechen a sexuellen Ugrëffer.

Evitéier all Kontakt!

Bleif am Ëmgank mat engem Stalker ëmmer héiflech a roueg, awer kategoresch. Maach him kloer (eemol an da fäerdeg), dass du kee Kontakt zu him wëlls. Et hëlleft wann s du dobäi een Zeien hues.

Evitéier all weidere Kontakt mam Stalker, äntwer op kee Fall op seng SMSen, Telefonsuriff, Bréiwer oder E-Mailen. Probéier dech selwer ze schützen.

Informéier däin Ëmfeld!

De Stalker hält gär Kontakt op mat der Famill, de Frënn a Kollege vu sengem Affer. Doduerch dass du däin Ëmfeld sou fréi wéi méiglech informéiers, kanns du de Manipulationsversich vum Stalker, z.B. wann en dech bei anere wëllt schlecht maachen, virgräifen.

Féier Buch driwwer!

Et ass ee Feeler, onerwënscht Bréiwer, Noriichten, E-Mailen oder SMSen ewechzegeheien oder ze läschen, fir doduerch besser Ofstand ze kréien. Versuerg alles wat s du kritt hues, dokumentéier all d'Aktivitéite schrëftlech a späicher d'Uriff um Repondeur. Schéck eventuell Cadeauen direkt zréck.

Wann de Stalker deng Handysnummer huet, dann änner se oder besuerg der een zweeten Handy.

Looss dech am Fall vun Telefonsterror iwwer Ofwierméiglechkeete beroden (geheim Telefonsnummer, Fangschaltung, Repondeur, zweeten Schloss).

Déi bescht Chance ee Stalker lass ze ginn, besteet doranner e komplett ze ignoréieren, all Kontakt ofzebriechen an déi uewen opgezielte Mesurë konsequent duerchzezéien.

Alarméier d'Police!

Bei enger akuter Bedrohung, wann s du zum Beispill vum Stalker verfollegt gëss an Angscht kriss, alarméier direkt d'Police iwwer den Noutruff 113.



Den "Narkotisierer"

Mat Hëllef vu KO-Drëpsen, déi en heemlech an d'Gedrénks gemëscht huert, erreecht de Verbrieder, datt säin Affer sech net méi wieren a selwer hëllef kann oder op eng aner Manéier ka reagéieren. Schonn ier d'Affer d'Bewosstsi verléiert, huert et, ënnert der Wierkung vun dësem narkotesche Mëttel, keen eegene Wëlle méi an ass sou ganz liicht ze manipuléieren.

Dem Täter bleift also genuch Zäit fir mat der Fra Kontakt opzehuelen an hir seng Hëllef unzebidden, fir si an d'frësch Loft ze begleeden oder heem ze féieren. Eemol dobaussen, ass si dann ee liicht Affer, un deem hie sech ka sexuell vergoen.

Wann déi betraffe Persoun waakreg gëtt, fillt si sech komplett dätsch a steet souzesoen niewent sech. Réckwierkend ka si sech u guer näischt méi erënneren, si huert een totale "Filmrëss".

Vill vun dësen Affere spieren, datt eppes geschitt ass. Si hu wéi an hu Blessuren, déi si sech net erkläre kënnen.

Männer sinn als Affer vu KO-Drëpsen net auszeschléissen.



Denk drun !

Huel keen oppent Gedrénks vu Leit déi s du net kenns.

An och bei Leit déi s du mings ze kennen : Huel nëmmen ee Gedrénks un, wann s du säi Wee vum Comptoir bis bei dech verfolge konns. Wann s du net sécher bass, verzicht drop et ze drénken. Akzeptéier am Beschten nëmmen zoue Fläschen.

Looss däi Gedrénks net op enger Plaz stoen, wou s du et net kanns gesinn. War dat awer de Fall, da bestell léiwer eppes Neies.

Frëndinne sollte sech géigesäiteg ënnerstëtzen an eng op déi aner oppassen.

Drénk net ze vill Alkool. Wann s du voll bass, bass du och ouni KO-Drëpse méi liicht unzegräifen. Du kanns gewëss Situatiounen einfach net méi richtig aschätzen.

Bei engem Verdachtsfall direkt medezinesch Hëllef sichen.

Direkt d'Police aschalten. Well KO-Drëpsen nëmmen eng kuerz Zäit nogewise kënnen, müssen déi néideg Mesuren, fir Beweiser ze sécheren, mat Zäit duerchgefouert ginn.



Den Iwwerfalldelinquent

D'Virstellung, datt ee Mann engem Meedchen, enger Fra, enger Joggerin oder Cyclistin oplauert an iwwerfällt, fir säin Affer hannert enger Heck ze violéieren, ass zwar net auszeschléissen, well sou Fäll ëmmer rëm virkommen, mee si sinn awer éischer rar.

Wéinst dem Gebrauch vu Gewalt a Menacen, déi domat verbonne sinn, kënnen se awer zu Extremstrofdoten ausarten, mat Gefor fir Laif a Liewen. Ëmmer erëm kënnt et zu Fäll, bei deene Kanner op déi Manéier mësshandelt, mëssbraucht a souguer dout gemaach ginn.

Beim Iwwerfalldelikt geschitt den Zougrëff onerwaart an ouni Virwarnung. Den Delinquent ass virun allem gewaltorientéiert. Déi sexuell Komponent spillt nëmmen eng zweetrangeg Roll. Op éischer Plaz steet d'Ausübe vu Muecht a Gewalt. Et geet ëm d'Humiliatioun, d'Ënnerwerfen an d'Erniddrege vun der weiblecher Identitéit.

Gëff Uecht!

Evitéier ofgeleeë Weeër fir aus der Disco oder engem anere Lokal heemzegen.

Iwwerlee dir am Viraus, wat fir ee Wee s du ouni Gefor goe kanns.

Benotz nëmme gutt beliicht Weeër. Géi am Beschte mat engem aneren oder an der Grupp.

Mengs du eng Gefor ze erkennen, da wiessel direkt d'Stroossesäit fir feststellen op déi verdächtig Persoun der effektiv nokënnt.

Sich Hëllef bei Passanten. Si keng do, da sich no engem beliichten Hausagank, géi ouni ze zécken drop zou a schell un der Dier.

Wann dat net geet, géi dohinner wou s du Leit gesäis oder héiers. Géi op kee Fall heem, wann s du dobäi duerch een ofgeleeëne Quartier muss goen. Bleif ëmmer an engem Beräich, dee gutt beliicht ass.

Wann s du mam Vëlo ënnerwee bass a vun engem Auto verfollegt gëss, benotz ouni ze zécken den Trottoir fir méi séier virunzekommen.

Wann s de fäerts, dass d'Menace wierklech konkret kënnt ginn, informéier direkt d'Police iwwer däin Handy (Noutruff 113).

Wann alles näischt hëlleft, ass et leider sou, wéi schonn an der Introduction gesot, datt d'Affer selwer muss versichen d'Situatioun richteg anzuschätzen: Berouegend op den Ugrëffer arieden, sou haart wéi méiglech ëm Hëllef ruffen, sech mat alle Mëttele wieren. Wéi all Affer, ass och all Delinquent an all Situatioun anescht.



Deen, deen d'Famill mëssbraucht

Bei Sexualstrofdote kënn den Täter meeschtens aus der noer oder och wäitleefeger Famill, awer och dacks aus der Noperschaft oder dem enke Bekanntekrees.

Eng "mëssbraucht Famill" ass ganz staark markéiert duerch ee "Geheimhalen-Syndrom". Dobäi benotzt den Täter déi ongläich Muechtsituatioun, tëscht sech an dem Kand also, fir d'Meedchen oder de Jong zu sexuellen Handlungen ze zwéngen. Sou laang d'Männer kënnen sécher sinn, dass d'Kand an d'Leit aus sengem Ëmfeld d'Dot verheemlechen, brauche si keng Strofen ze fäerten.

Seelen ass de sexuelle Mëssbrauch eng eemoleg Handlung. Wat d'Bezéiung tëscht dem Affer an dem Täter méi enk ass, wat d'Probabilitéit méi grouss ass, datt de Mëssbrauch iwwer eng méi laang Zäit intensiv a mat psychescher Brutalitéit geschitt.

Et fält dem Affer besonnesch schwéier anerer doriwwer ze informéieren, well et sech selwer mat onberechtigte Virwërf a Scholdgefiller belaascht. Fakt ass, datt d'Responsabilitéit just an eleng beim Täter läit.

Wier dech!

Däi Kierper gehéiert dir.

Wa Beréierunge fir dech blöd oder komesch sinn, dann däerfs du roueg "NEEN" soen.
Et huet keen d'Recht, dech géint däi Wëllen unzepaken.

Trau dengem Gefill!

Wann ee bei dir schlecht Gefiller ausléist, dann däerfs du dech wieren.

Et gött gutt a schlecht Geheimnisser. Schlecht Geheimnisser ginn dir opgezwongen a sinn, am Fong geholl, guer keng Geheimnisser. Du däerfs si ouni ze zécke weiderverzielen an du brauchst d'Suiten net ze fäerten.


Du däerfs « NEEN » soen !

Erwuessener verlaangen heiansdo eppes vun de Kanner, wat hinnen Angscht mécht, hinne wéi deet oder ganz gelunge Gefiller ervirriift. A sou Fäll däerfen d'Kanner « NEEN » soen ; si brauchen dat net ze maachen, wat ee vun hinnen erwaart.

Du däerfs dir Hëllef sichen !

Heiansdo ass et schwéier, sech ganz eleng ze wieren. Dann däerfe Meedercher a Jonge sech Hëllef sichen. Wann s du der Mamm oder dem Papp net alles kanns oder wëlls soen, dann iwwerlee dir: Wat fir eng Kanner oder Erwuessener géifen zu dir halen, wann s du Hëllef bräichs. Schwätz mat hinnen a vertrau dech hinnen un. D'Aschalte vun der Police ass och een efficacë Wee fir de sexuelle Mëssbrauch am sozialen Nöberäich oder an der Famill ze stoppen. Eng Plainte ass ee legaalt Mëttel fir sech ze wieren a kann dem Affer hëllef, dat wat et erlieft huet besser ze verschaffen.

*Nëmmen
den Täter
ass aleng -
Du awer net.*



D'Plainte bei der P♥lice

Wa bei Sexualdelikter tèschent der Dot an dem Zäitpunkt wou se bekannt gëtt, sou mann wéi méiglech Zäit vergeet, sinn d'Konditiounen fir eng kriminalistesche Enquête am beschten. Jeenodeem wéi d'Dot geschitt ass, kann d'Affer sech an den éischten Stonnen nach un dat meescht erënneren. Wéi bei bal kengem aneren Delikt, ass bei engem sexuellen Iwwergrëff d'Aussicht dee Schëllegen ze iwwerféieren deemno ëmsou méi grouss, ëmsou éischter d'Affer ka befrot ginn.

Doriwwer eraus ass de Beweiswäert vu Spuren, déi et erlaben, den Täter ze fannen, enorm wichteg, well et bei dëser Zort vun Delikt seelen Zeie gëtt.

D'Policebeamte vum lokale Service oder Asazentrum stellen an enger éischter Phase deng Identitéit fest – wéi s de heeschs, wou s de wunns, asw. – a schreiwen dann alles op wat mam Fall ze doen huet: wou ass et geschitt, wat weess du iwwer dee Schëllegen, weess du wien hien ass oder kanns du e beschreiwen, asw.

Aussoen, déi doriwwer eraus ginn, gi méi spéit, an engem zweeten Gespréich, mat der Police judiciaire (Kriminalpolizei) schrëfflech festgehal oder souguer op Video enregistréiert.

Dat Schlëmmt, wat dir geschitt ass, mécht et eventuell néideg, datt dir Froe gestallt musse ginn, déi dech vläicht genéieren. Et ass awer op kee Fall eppes, fir dat s du dech schumme muss, dat muss just an eleng deen, deen dir dat ugedoen huet.

Wann s du am Moment vun der Plainte nach net vun engem Dokter ënnersicht gi bass, gëss du vun der Police an e Spidol oder an eng Praxis vun engem Spezialist gefouert, wou s de medezinesch versuergt gëss a wou Beweiser fir d'Gericht geséichert ginn.

Wann s du dech nach net direkt kanns decidéiere fir eng Plainte ze maachen, dann denk w.e.g. un e puer Punkten, déi hannenno wichteg sinn, fir deen, deen dech gepéngt huet, ze iwwerféieren an ze strofen.


Hal d'Kleeder an d'Ënnerwäsch déi s du un has wéi d'Dot geschitt ass, ouni se ze wäschen; dat selwecht gëllt eventuell fir d'Bettgezei.

Wäsch dech wa méiglech net, ier s du vun engem Dokter ënnersicht gi bass.

Änner näischt op der Plaz wou et geschitt ass a botz do och näischt op, ier d'Police do war.

Haut ass et méiglech, een Täter séier iwwer de Wee vun enger DNS-Analyse ze identifizéieren.

Dofir ass et awer néideg, datt ee Spurematerial a Vergläichsmaterial huet.



Staark Kanner si schwierig Affe, duerfir ...

...

Looss dir näischt arieden!

Looss dech net ënner Drock setzen!

Looss dech net aschüchteren!


Looss dech net fäerdeg maachen!

Maach de M🌿nd 🌿p!

Wier dech!

Sech Hëllef huelen, ass een Zeeche vu Stäerkt!

Hëllef fënns du bei Frënn, dengen Elteren a soss Membere vun der Famill, awer och an der Schoul (SPOS). Wanns du dech net traus, hei ëm Hëllef ze froen, kanns du dech och un Doktore wenden, u Kliniken, un Noutrufariichtungen, u Fraenhaiser, Opfer-schutzorganisatiounen, Hëllefsgruppen, psychologisch Ariichtungen, Jugendschutz-organisatiounen u soss aner Kontaktstellen oder un all Polizeidingschttstell.



Wann dat passéiert....	... da bedeit dat.....Prisong
Heemlech ee Meedche fotografieren, wann et sech an enger Cabine un- an ausdeet.	Verstouss géint d'Gesetz iwwer de Schutz vum Privatlewen Art. 2	8 Deeg bis 1 Joer an/oder eng Geldstrof vun 251 bis 5000 Euro
Verschécke vun MMS mat pornografeschem Inhalt bannent dem Schoulgebaai.	Diffusioun vu pornografeschem Material u Mannerjähreger Art. 383	1 Mount bis 3 Joer an eng Geldstrof vun 251 bis 50.000 Euro
Schwéier (sexuell) Belästigung um Téléphone, duerch Bréiwer, Internet asw.	Stalking Art. 442-2	15 Deeg bis 2 Joer an/oder eng Geldstrof vun 251 bis 3000 Euro
Betatsche vun engem manner wéi 16 Joer ale Meedche un der Broscht, ouni Ausübe vu Gewalt oder Drohungen. (wann d'Affer méi al ass wéi 16 Joer.	Ugrëff op d'Schamhaftegkeet bei engem manner wéi 16-Jähregen - Art. 372 Ugrëff op d'Schamhaftegkeet	1 bis 5 Joer an eng Geldstrof vun 251 bis 50000 Euro 8 Deeg bis 1 Joer an eng Geldstrof vun 251 bis 10000 Euro)
Erzwongene Sex mat engem Schoulmeedchen am Stadpark. (Suguer wann net erzwongen, mee wann d'Meedche méi jonk ass wéi 16 Joer.	Vergewaltesung - Art. 375 Gesetzlech présuméiert Vergewaltesung – Art. 375	5 bis 10 Joer (Prinzip) 10 bis 15 Joer)
Sech de Passante potzpuddelplakek weisen.	Ëffentleche Sittverletzung Art. 385	8 Deeg bis 3 Joer an eng Geldstrof vun 251 bis 25000 Euro
Heemlech duerch eng oppe Fënster an een Haus klammen, fir enger Koppel beim Sex nozekucken.	Hausfriddensbroch Art. 439	15 Deeg bis 2 Joer an eng Geldstrof vun 251 bis 3000 Euro
Sex (Penetratioun) mam eegene Kand oder tëschent Geschwëster.	Vergewaltesung - Art. 375 Erschwëiernden Ëmstand bei Elteren oder Geschwëster - Art. 266	5 bis 10 Joer (Prinzip) Bis zu 12 Joer.
KO-Drëpsen an ee Gedrénks mëschen, mat der Absicht d'Affer sexuell ze mëssbrauchen (Penetratioun).	Fräiwëllig Schléi a Blessuren / Art. 398 Vergewaltesung / Art. 375 Handelt et sech ëm Drogen, gëtt et och ee Verstouss géint d'Rauschgeffgesetz.	Minimum 8 Deeg bis 6 Méint an 251 bis 1000 Euro (bei schlimme Verletzungen och méi) 5 bis 10 Joer (Prinzip)
Sex (Penetratioun) tëscht engem Erwuessenen an engem Meedchen ënner 16 Joer ouni Ausübe vu Gewalt oder Drohungen.	Gesetzlech présuméiert Vergewaltesung Art. 375	10 bis 15 Joer



Sexuelle Mëssbrauch, eng infektt Dot.

Jugendlecher, ob Meedercher oder Jongen, kënnen Affer vu Sexualdelikter ginn, egal wat fir een Alter si hunn an egal zu wat fir engem sozialen Ëmfeld si gehéieren. Sexuell Iwwergrëffer sinn iwwerall an zu all Zäit méiglech, ob doheem, an der Ëffentlechkeet, op der Spillplaz oder éierens anescht.

Dee gréissten Deel vun den Täter si Männer. Sexuelle Mëssbrauch duerch Friemer ass éischter seelen. Deene friemen Täter sinn an éischter Linn exhibitionistesche Handlungen zouzeuerdnen, allerdéngs kënn et och heiansdo zu extremen Doten, wou Kanner entfouert, mëssshandelt a schliisslech souguer dout gemaach ginn.

An der Realitéit ass de Risiko awer méi héich, dass Meedercher oder Jongen éischter am Familljen- oder Frëndeskrees sexuell ausgebeut ginn. Dobäi benotzt den Täter dat ongläicht Muechtverhältnis, fir säin Affer zu sexuellen Handlungen ze zwéngen. Doduerch kann dee sexuelle Mëssbrauch och iwwer eng laang Zäit daueren. Den Täter handelt seele spontan, mee hie sicht no bestëmmte Geleeënheeten fir dem Meedchen oder dem Jong méi no ze kommen. Wat d'Bezéiung tëscht dem Affer an dem Täter méi enk ass, wat d'Mëssbrauchhandlungen méi intensiv ausgeféiert ginn.

Déi betraffe Famill ass staark geprägt vun deem „Geheimhaltesyndrom“. Sou laang d’Männer sécher kënne sinn, datt d’Kand an déi Leit ronderëm näischt soen, brauche si keng Sanktiounen ze fäerten.

Heiansdo ass et schwéier fir d’Affer, sech aleng ze wieren, sou dass vu bausse muss agegraff a gehollef ginn. D’Aschalt vum der Police kann ee wierksame Wee sinn, fir besonnesch de sexuelle Mëssbrauch am sozialnoe Beräich ze stoppen. D’Plainte kann ee legaalt Mëttel vu Géigewier sinn an dem Affer dobäi hëllefen, mat deem wat geschitt ass besser fäerdeg ze ginn. Et muss ee just Courage hunn et ze maachen an doduerch aneren ze hëllefen an ze schützen.

Bob LEESCH
Regionale Polizeidirekter aus
Dikrich



Warnsignaler erkennen!

Déi tragesch Suitë vu sexuellem Mëssbrauch u Kanner a jonke Leit doen eis ëmmer erëm erfëieren, mee si motivéieren een och, no Méiglechkeeten ze sichen, fir sou eng Verbrieche an Zukunft ze verhënneren. Well heibäi gëtt eppes ugeriicht, wat net méi gutt ze maachen ass, een irreparabele Schued, ënner deem d'Affer säi Liewe laang ze leiden huet. Eleng aus deem Grond ass a bleift d'Preventioun am Beräich vum sexuelle Mëssbrauch u Kanner a Jugendlechen eng elementar Aufgab fir déi ganz Gesellschaft.

Jidderee soll wëssen, datt de Mëssbrauch un engem Meedchen oder engem Jong keen Zoufallsprodukt ass: fir den Täter ass et keng eemoleg Saach!

Et gëtt duerchaus Méiglechkeeten, Warnsignaler ze erkennen, déi op e sexuelle Mëssbrauch hindeiten. Doraus ergëtt sech, datt all Erwuessenen d'Flicht huet, méi genoe ze kucken an ze intervenéieren fir sexuellen Iwwergrëffer op Kanner a Jugendlecher efficace entgéint ze trieden.

Sécherlech, et gëtt keng honnertprozenteg Protectioun viru sexuellem Mëssbrauch, an dach besti Méiglechkeeten, d'Kanner doranner ze stäerken, datt se sou Iwwergrëffer - oder och nëmmen Tentativen - direkt a richteg erkennen, datt se sech wieren an Hëllef sichen. Et gëtt kee Grond fir sech ze schummen an duerfir net mat enger Vertrauenspersoun ze schwätzen, och wa sou ee Gespréich e bësse penibel ka sinn.

Et weess een, datt sexuell Belästegung ee komplizéiert Thema, an ëmmer nach een Tabu ass. Nëmmen ee Brochdeel vun de Fäll gi bei der Police gemellt. Nëmmen, d'Saach ignoréieren, et dobäi beloosen, ass eng Methoud domadder ëmzegoen, déi dem Affer an de meeschte Fäll net virun hëlleft.

Fir der Problematik vum sexuelle Mëssbrauch entgéint ze trieden, huet d'Direktioun vun der Dikrecher Police d'Initiative ergraff, fir déi verschidden Acteuren aus dem schouleschen a kommunale Secteur, déi fir d'Preventioun sou wichteg sinn, zesummen ze bréngen, an huet doriwwer eraus eng Broschür ausgeschafft, déi sou wäit wéi méiglech iwwer d'Thema informéiert. An dëser Broschür gëtt, um Beispill vun 11 verschiddene Verbriecherstrategien, gewisen, wéi Kanner a Jugendlecher sech a bestëmmte Situatiounen am beschten, an hire Méiglechkeete no, wiere kënnen.

Sexuelle Mëssbrauch ass eng schlëmm Dot, déi duerch näischt ze entschëllegen ass.

Fir datt sou Fäll méiglechst net virkommen, brauche mer Preventioun, Opklärung a Sanktioun. Dat soll, dat muss eist Engagement als Gesellschaft sinn!

Carlo SCHMITZ
Präventiounsbeamte vun der Police
aus Dikrech

Impressum:

Herausgeber: Regionale Polizeidirektion Diekirch

Gemeinschaftsprojekt: Lycée Ste Anne Ettelbruck, Lycée Classique Diekirch, 27 Nordgemeinden und die regionale Polizeidirektion aus Diekirch.

Redaktion: Abteilung Kriminalprävention

Ideenvorgabe: 11ième, Lycée Ste Anne / pädagogische Unterstützung /
Christine Kayser, Monia Gaspar

Grafische Gestaltung, Layout : **Joe JUNGELS**

Grafische Ideen: 2ième E Arts plastiques, Lycée Classique Diekirch

Supervision: Georges Fautsch (LCD)

Luxemburgische Textverfassung: Camille Forman

Druck: Imprimerie Exe. Troisvierges

Auflage: 10 000

Literaturhinweise :

„Unschlagbar“ von Elisabeth Zöller, Andreas Schick und Anne Bischoff – Fischer Schatzinsel.

„Stalking“ von Stephan Rusch – Niebank Rusch Verlag.

„Telefonterror“ der Landespolizeidirektion Stuttgart II von Elke Heilig.

Chatten ohne Risiko? Jugendschutz.net – Jugendschutz in Telemedien / Mainz.

Missbrauch von Kindern und Jugendlichen im Internet (Schöning Beate).

Der rote Faden – Grundsätze der Kriminalpraxis von Horst Ceages (Hrsg.)- Kriminalistikverlag.

Kriminalistische Kompetenz – Schmidt-Römhild-Verlag – Exhibitionistische Handlungen.

Polizeihandbuch von Dr Rainer Schulte – Retzlaff-Pausch – Hinweis zum Schutz vor
Sittlichkeitsverbrechen.

Verhaltenstipps bei sexuellem Missbrauch von Kindern (polizeiliche Kriminalprävention) –
[www. Polizeiberatung.de](http://www.Polizeiberatung.de)

Schützen Sie ihr Kind ([www. Polizei-beratung.de](http://www.Polizei-beratung.de))

Sicherheitstipps: Muuß, Knoll, kriminalpolizeiliche Beratung des LPK Wien.

Www.KO-Tropfen-nein-danke.de

Sicherheitstipps für Mädchen und Frauen des Büros für Frauenfragen und Chancengleichheit des
Landes Salzburg.

Spanner oder ? Helfen Sie mit – für Ihre Sicherheit! Der Polizeidirektion Heidelberg.

Respect bitte! - Sag Nein zu Gewalt auf Handy und Computer der Landespolizei Fürstentum
Liechtenstein.

Keine Gewalt gegen Kinder. Signale sehen - Hilferufe hören. Eine Information des
Bundesministeriums für Familie, Senioren, Frauen und Jugend.

Fir d'Ennerstëtzung seet de regionale Policedirekter aus Dikrech Merci :

Dem Direkter aus dem Lycée Classique vun Dikrech, dem Här Robert Bohnert, der Directrice aus dem Lycée Technique privé Ste Anne aus Ettelbréck, der Madame Sabine Augustin, der 2ième E Arts plastiques aus dem Dikrecher Kolléisch mat hirem Konschtprofesser, dem Här Georges Fautsch, dem Joé Jungels, Schüler vum LCD a Gewënner vum Concours, fir déi grafesch Gestaltung, der 11ième paramédicale aus dem Lycée Ste Anne mat hirer pädagogescher Ennerstëtzung, den Damme Christine Kayser, Däitschprofesser a Monia Gaspar, Psychologin, dem Här Philippe Kerger, Substitut vum Parquet Dikrech fir dee juristische Volet, der Madame Camille Forman fir déi lëtzebuergesch Textverfaassung, deene 27 Nordgemenge fir d'Finanzéierung vum Projet an zum Schluss dem Büro fir Kriminalpräventioun mam Commissaire en Chef Carlo Schmitz fir déi redaktionell Aarbechten.

